Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Abrëll 2019 LI/1

# El Salvador - Luxembourg

**Léif Leit,**

Am Januar war eng gréisser Delegatioun vun eisem Conseil d'administration fir zéng Deeg op Aarbechtsvisite an den El Salvador gereest. Derbäi waren de Roland Milbert, President, de Laurent Gloden, Vize-President, de Mil Calmes an d'Maureen Calmes-Zavala, Membere vum Verwaltungsrot. Als Gaascht war de Laurent Blum mat, e Kolleg, deen eis um Niveau Kommunikatioun, Internetsite a Facebooksäit eng Hand upaakt. Hien huet dës Rees dokumentéiert a Form vu Fotoen an Interviewen. Mir konnten eis vum gudde Fonctionnement vun de verschiddene Projeten op der Plaz iwwerzeegen. Mir denken, datt mir an El Salvador eng valabel Aarbecht man am Dengscht vun deenen Ärmsten, an hoffen, datt mir och weiderhin op Är generéis finanziell Hëllef kënnen zielen.

Fir Iech an Text a Bild vill Andréck vun eisem Openthalt a Mëttelamerika matzedeelen, huet de Laurent Gloden e chronologesche Journal vun deenen Deeg geféiert. Auszich dovu wëlle mer Iech an dësem an an deem nächste Bulletin kucken a liese loossen.
Ech wënschen Iech am Numm vun eiser Fondatioun ganz schéin Ouschterdeeg.

Roland Milbert, President



# « Rees an den El Salvador am Januar 2019 »

No 19 Stonne Vol iwwer Paräis-Panama-El Salvador si mir vu Misioneros-Seminariste mat engem rabbeleche Minibus ofgehol ginn, an op **San Pedregal** schlofe gefuer.
Deen anere Mueren ass de Padre Enrique Gloden eis ofhuele komm, a mir si bei de Bëschof op **Sonsonate** gefuer. No Kaffi a Kenneléieregespréich si mir op **La Majada** weider gefuer.



Hei an deem Bildungs- a Retraitenhaus hu mir eng Grupp vu 40 Jugendlecher begéint, déi mat hiren Educateuren un enger Formatioun iwwer Gewaltproblematik deelgehol hunn. Déi Gebailechkeeten, déi viru ville Joere mat Lëtzebuerger Suen opgeriicht goufen, sinn an engem exellenten Zoustand, a gi vill genotzt, fir all Zort vun Workshoppen unzebidden.
Deen Dag drop war eng Grupp Geeschtlecher do, fir iwwer d'Organisatioun an der Diözes ze beroden. Duerno koum eng Equipe amerikanesch Aendokteren, déi d'Leit aus der Géigend gratis behandelt hunn.
Mir hunn e klengen Ausfluch gemaach op **Ataco,** fir d'Landschaft, d'Bierger an d'Vulkaner ze gesinn. Ataco ass eng kleng touristesch Stad, awer nëmme fir déi Einheimesch. El Salvador kennt praktesch keen auslänneschen Tourismus.



Deen aneren Dag ware mir zu **Santa Ana,** am Kannerhaus. All Gebaier vum Kannerhaus an och déi vun den Ateliere sinn an engem aussergewéinlech gudden Zoustand.

D'Plantatioune si gewuess: e groussen Avocadobam mat Kaweechelchen, Kolibrien, déi Nektar siche kommen, eng Zort Mirabellebam, Hibiskushecken, déi am ganze Land als Beem do stinn, alles gutt ënnerhal. Viru 17 Joer war ech hei, déi meescht Leit, déi do schaffen, hunn ech erëmkannt: d'Martha, d'Sekretärin, d'Marely, d'Psychologin, d'Teresa, Assistante sociale an den Nestor, en Educateur. Nei war d'Nena, eng Léierin, déi Hausaufgabenhëllef ubidd, an e jonken Aarbechter, dee sech em den Ënnerhalt vun de Gebaier këmmert. Direkter ass nach ëmmer den Oscar, deen eis onkompliziéiert a frëndlech empfangen huet.
Lorenzo! Rolando! Lorenzo bienvenidos! Sou stoung um Schëld vun eise Schlofkummeren:
Kummer met engem klenge Buedzëmmer, klenge Spigel, Dusch, Toilette inklusiv Seechomëssen. Mir waren um éischte Stack logéiert. An den Dortoire sinn 18 Zëmmeren, 3 eenzel Gebaier niewend eneen mat all Kéier zwee Stäck. Hei wunnen de Comptabel, den Abbé, wann hie vu La Majada op Besuch ass, d' Asssitante sociale, d'Psychologin an dee jonken Aarbechter.
Mueres hu mir mat de Kanner dobausse Kaffi gedronk. Op all Dësch souz een Erwuessenen, an d'Kanner hunn net däerfe schwätzen. Si haten Ziedele fir eis gemolt: Muchos gracias por todo, an e Bild mat engem Päiperlek drop. Et hat een d'Gefill, datt d'Kannerhaus relativ streng a geregelt geféiert géif, d'Kanner selwer awer hunn e frouen an zefriddenen Androck gemaach.
Mir waren och d'Ateliere kucken: si leie 70 Meter ewech iwwer e knubbeleche Wee, si mat enger héiger Mauer aus rouden Zillen ëmginn. All Gebaier sinn a Skelettbauweis gebaut, doduerch si si äerdbieweséscher. Den Direkter Oscar Pinto war déi dreiwend Kraaft, Architecte an Entrepreneur a Persoun.



An den Ateliere war de Mol-a Bitzatelier am beschte besicht, déi meescht sinn nëmme mëttes op, a mueres waren d'Kanner an der Schoul.
D'Schoul, déi an der Enceinte vun den Atelieren ass, hat Vakanz. De Staat huet ugefrot bei Funlasafa, fir déi Schoul ze iwwerhuelen, Do lafe Verhandlungen.
D'Zulma, Direktesch vun den Atelieren, huet Tute mat Liewensmëttelen un aarm eeler Frae verdeelt, anscheinend eemol de Mount.

## Grouss Versammlung

Mir haten zesumme mat der Fundación La Sagrada Familia, eis Schwesterorganisatioun aus El Salvador, eng flott a konstruktiv Entrevue: um Dësch souzen d'Cécile vu Fundamuni, den Abbé Gloden, de Mil an d'Maureen Calmes, d'Teresa an d'Marely, de Roland Milbert an ech. Mir hu si drop higewisen, datt eis Recetten erof ginn, an datt mir nëmmen nach kofinanzéiert Projete kënne maachen.



D'Kannerhaus als Projet leeft nach ënner engem Kofinanzement, mee mir musse probéieren, eng Verlängerung dovun ze erreechen, soss kënne mir déi Ausgaben net méi stemmen eleng mat den Donen, déi staark zeréck gaange sinn.



Dat ass eng urgent Affaire, a misst dëst Joer eng Léisung fannen. Een Deel vun den Dortoire steet eidel: Mir ware mëttes d'Uni vu Santa Ana, déi net wäit ewech läit, kucken. Am Rendez-vous mam Rektor hu mir proposéiert, verschidden Dortoire fir Studentewunnengen opzeman. De Besoin wär do, krute mir gesot. Mee déi Leit vu Funlasafa hunn do grouss Sécherheetsbedenken, sou datt dat emol en suspens bleift.
Mir hunn dem Oscar an dem ganze Personal Merci gesot fir déi geleeschten Aarbecht.

## Gewalt



Gewalt an El Salvador ass en deeglecht Thema. Nuets an dagsiwwer huet ee Schëss gehéiert, arméiert Polizei ass omnipräsent. Och bei der Aweiung vun den Haiser zu San Agustin ware Polizisten op eiser Säit. Eng hallef Stonn nodeems mir vun der Finca zréck waren, huet de Wiechter an d'Police am Maisstéck dernieft dräi Doudeger fonnt, e Papp mat sengen zwee Jongen, gefesselt a gekäppt.

Mir hunn eis net bedrot gefillt bei eiser Visitt, mee e komescht Gefill hate mer awer heiandsdo.

## Finca San Luis

De Wiechter Freddy huet eis de ganzen Terrain gewisen: De viischten Deel riets ass op e puer Ar propper ouni Bananebeem a Kaffisplanzen. Lénkerhand stinn ënnerdag e puer dausend Kaffissetzlinge. Zum gréissten Deel ass dat ganzt Stéck zougewuess, mat verschiddene Beem, Bananebeem, Hecken, Kaffishecken.



D'Kaffisplantage ass net rentabel, d'Kaffispräisser sinn déif, an den Terrain läit net héich genuch fir gutt ze produzéieren. Och hei misst eng Léisung gesicht ginn: verkafen oder nei uleeën? Eng Schwësteregemeinschaft wëllt e Stéck vum Terrain kafen. Funlasafa muss do eng guttiwwerluechten Decisioun huelen.

## Fraenhaus zu San Salvador

Mir haten e schlechten Ament erwëscht fir d’Fraenhaus ze besichen: déi meescht Frae ware scho mat hire Kanner an der Kannerklinik, sou datt mir nëmmen zwou Frae mat hire Kanner begéint hunn.



Vill Kanner an Erwuessener hu massiv Niereproblemer: net genuch an net proppert Drénkwaasser, zevill Pestiziden am Ackerbau.
7 Schwësteren waren am Haus, dat ganzt Haus mat pickechem Drot ofgeséchert. Alles hygienesch propper, a ganz am Sënn vun der Hëllef fir d’Kanner an hir Mammen. Mir waren awer echt iwwerrascht, wéi mir bei de Schwësteren de salvadorianesche Kardinol Gregorio Cardenal Rosa Chávez begéint hunn, a mat him e flotten Iddienaustausch op franséisch haten.

## Suchitoto

Visite vun der Stad am Kolonialstil. Pavé. Vue op de Lago de Suchitlan, e Stauséi.
Souvenirsbutték, Schoul fir spuenesch ze léieren, e bësschen Tourismus. Manner Polizei ?
Tacos an Apéro. Eng eeler Fra kënnt heeschen. Mir ginn hir zevill ? Si bekräizegt sech a seet, si géif muer an d’Kierch fir eis biede goen. Flott Kierch. Grad e Begriefnëss: d’Lued huet eng Klapp. Den Doudewon fiert fort mat emotionaler Musek. D’Leit ginn hannendrun.



### Protection de vos données personnelles

Le 25 mai 2018, le règlement général européen des données personnelles est entré en application.

La Fondation Luxembourg - El Salvador respecte cette nouvelle réglementation. Nous vous envoyons régulièrement des informations sur nos activités via ce bulletin d’information. Vos coordonnées (nom, prénom, adresse) sont précieusement conservées dans notre base de données, en vous assurant de leur confidentialité. Sachez qu’en aucun cas notre base de données n’est utilisée à d’autres fins ou divulguée à des tiers.

Vous disposez d’un droit d’accès, de suppression et de rectification des données vous concernant en nous contactant sous **luxelsa@pt.lu**.

## Kontakt


**In Luxemburg:**

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100
Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

**In El Salvador:**

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00503 79 25 06 18
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

**https://www.facebook.com/hellefelsalvador**


## Impressum


**El Salvador - Luxembourg**

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

*La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l’intérêt de la population en détresse dans le pays d’El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l’intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d’enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).*